



**ERAN, ERAUS**  
**.. AN ELO?**

eran, eraus ... an elo ?  
9a boulevard prince Henri  
1724 Luxembourg  
eran\_eraus\_an\_elo@yahoo.com

## **Zick Zack Politik vun der Regierung : net op Käschte vun de Prisonéier!**

Wéi eis Memberen am Mäerz 2018 de deemolege Justizminister Felix Braz getraff hunn, fir mat him iwwert déi lamentabel Situatioun vum Strofvollzuch ze schwätzen, huet de Felix Braz wuertwärtlech Folgendes gesot : „Am Joer 2022 wann den Uerschterhaff opgeet, stinn um selwechte Moien zu Schraasseg d'Baggere – de ganze Prisong gëtt moderniséiert – d'Ateliere fir ze schaffen a fir d'Formatiounen ze hale ginn néi amenagéiert. Mir als Minister läit besonnesch um Häerz dass de ganzen Deel fir Visitten nei iwwerduecht gëtt, a firwat net, och kleng Appartementer virgesinn, wou ee Prisonéier seng Famill an humane Konditiounen kenn treffen.“

Och wann mir net ganz mam laangen Delai d'accord waren, hu mir awer gespuert, dass de Justizminister Braz hei wierklech eppes wollt beweegen.

Am Regierungsprogramm vum 2018 stoung dann och : 'L'ouverture du centre pénitentiaire d'Uerschterhaff (CPU) permettra une modernisation du centre pénitentiaire de Luxembourg (CPL) à Schrassig. Un groupe de travail interministériel mis en place en 2016 présentera ses conclusions dans un délai rendant possible un début des travaux de modernisation du CPL, dès l'ouverture du CPU.'

Mir als eran, eraus ... an elo? haten de Regierungsprogramm folgendermoosse kommentéiert: ‚Et gëtt domadder gerechent, dass de CPU am Joer 2022 wäert opgog – dëse ‚groupe de travail interministériel‘ hat also 6 Joer Zäit fir ee sënnvollen Ëmbau vum CPL z'organisieren. Mir wäerten och hei mat ganz vill Interessi des Aarbechten am A behalen. Ee groussen Accent muss hei op d'Infrastrukture fir d'Visitten geluecht ginn, déi jo zu Lëtzebuerg katastrophal sinn.‘

Mir waren also lescht Woch méi wéi erstaunt wéi vun engem Ofrappen an Neiopbau vum ganze Prisong zu Schraasseg geschwat gëtt. Natierlech si mir net dogéint fir dat ‚Monstrum‘ CPL ofzerappen (wat éischer, wat besser!), mir fäerten awer, dass déi batter néideg Verbesserungen am Strofvollzuch duerch des Moosnam nach méi no hanne wäert geréckelt ginn.

Mir fuerderen also d'Justizministesch Sam Tanson heimadder op hirem Virgänger seng Engagementer anzehalen an **DIREKT** nom Opmaache vum CPU mam Ofrappen, mee virun allem mat engem sënnvollen Opbau vum CPL zu Schraasseg unzufänken.

Mir wëllen awer och ze bedenke ginn, dass wann mir net déi ultra repressiv Justiz hätte – mat iwwer 113 Persoune am Prisong pro 100.000 Awunner – dann bréichte mir eis dës Gedanke guer net ze maache – mir misste just doriwwer nodenke wéi mir eis Prisonge kiennte verklengeren.

An deem Kontext fuerdere mir d'Justizministesch Sam Tanson op, sech un de skandinavesche Länner an un Holland an z'inspirieren, fir ee verstännegen a moderne ‚Code pénal‘ anzefieren an endlech vun der repressiver Schinn erof ze kommen.

Wann mir am LW (08/09 Februar 2020) Folgendes liesen : Serge Legil: „Von den letzten lebenslänglich Inhaftierten kam keiner früher als nach 28 Jahren aus dem Gefängnis“ ... dann fuerdere mir d'Justizministesch Sam Tanson ganz vehement op eise Strofvollzuch aus mëttelalterlechen Ëmstänn an d'21. Joerhonnert ze féieren!!

**eran, eraus ... an elo?**